# Fremanezumab (s.c. a-CGRP)

## Gebrauchsanweisunge fir d'Fäerdegsprëtz

Fremanezumab 225 mg Fäerdegsprëtz fir d'Virbeugung vu Migrän bei Erwuessenen,
déi op d'mannst 4 Migrändeeg de Mount hunn.

**Liest virum dem Gebrauch vun der Fäerdegsprëtz Fremanezumab d'Schrëtt-fir-Schrëtt-Uleedung suergfälteg duerch.**

## Virbereedung vun der Injektioun


- Huelt d'Fremanezumab-Fäerdegsprëtz aus der Verpakung; **rëselt se net.**
- Loosst Fremanezumab virun der Injektioun **30 Minutte** laang bei Raumtemperatur stoen.
- Bereet déi follgend Artikele vir:
  - 1 oder 3 Fremanezumab-Fäerdegsprëtzen 225 mg, jee nodeem, wat Ären Dokter Iech verschriwwen huet
  - Alkoholkompressen
  - oder Wattbällercher
  - Nolebehälter.

### Wichteg:


- D'Fremanezumab-Fäerdegsprëtz ass nëmme fir den Eemolgebrauch bestëmmt.
- Jiddwer Fäerdegsprëtz enthält 225 mg Fremanezumab. Jee no Ärer Dosis sollt Dir 1 Fäerdegsprëtz oder 3 Fäerdegsprëtze benotzen.
- Fremanezumab gëtt ënner d'Haut agesprëtzt (subkutan Injektioun). Dir däerft Iech eréischt da selwer eng Injektioun ginn, wann Dir dat mat Ärem Dokter oder dem medezinesche Fachpersonal geüübt hutt.
- Liest d'Packungsbäilag suergfälteg duerch, fir méi iwwer Äert Medikament gewuer ze ginn.
- **Rëselt** d'Fäerdegsprëtz **net.**
- **Leet d'Verpakung direkt zeréck an de Frigo,** wann nach onbenotzt Fäerdegsprëtzen an der Verpakung sinn.

## Uweisung fir d'Injektioun

**Schrëtt 1: Wäscht Är Hänn mat Waasser a Seef an dréchent se grëndlech mat engem propperen Handduch.**




**Schrëtt 2:**
**Iwwerpréift Är Fremanezumab-Fäerdegsprëtz.**




- Iwwerpréift, ob den Numm Fremanezumab op der Fäerdegsprëtz opgedréckt an de Verfallsdatum op der Etikett nach net ofgelaf ass.
- Iwwerpréift, ob duerch d'Siichtfënster vun der Fäerdegsprëtz d'Medikament eng faarflos bis blatzeggiel Faarf huet.

### Net benotzen, wann:


- D'Fäerdegsprëtz méi laang ewéi 7 Deeg aus dem Frigo war;
- De Verfallsdatum op der Fäerdegsprëtz ofgelaf ass;
- D'Fäerdegsprëtz siichtbar Schied wéi Rëss oder Fuitten opweist;
- Sech Partikelen an der Flëssegkeet befannen oder se verfierft oder dréif ass oder se gefruer war.




**Et kënne Loftblosen an der Fäerdegsprëtz sinn. Dat ass normal.**
**Versicht net, d'Loftblosen virun der Injektioun aus der Fäerdegsprëtz ewechzehuelen.**

## Schrëtt 3:

### Wielt eng Injektiounsplaz.



- Bauchberäich (Abdomen): Vermeit e Beräich vun ca. 5 cm ronderëm den Nuebel.
- Virdersäit vum Uewerschenkel: E Beräich, deen op d'mannst 5 cm iwwer dem Knéi a 5 cm ënner der Leeschtegéigend läit.
- Récksäit vum Uewerarm: am fleeschegen Deel vum Uewerarm.

*Wa méi Injektiounen erfuerderlech sinn, kënnt Dir d'Injektiounen am selwechte Beräich oder an engem anere Beräich (Bauch, Uewerschenkel, Uewerarm) virhuelen. Stellt dobäi sécher, datt Dir net op genee der selwechter Plaz injektéiert.*

## Schrëtt 4:


### Rengegt d'Injektiounsplaz.

- Rengegt d'Injektiounsplaz mat enger neier Alkoholkompress.
- Loosst d'Haut virun der Injektioun 10 Sekonnen dréchnen.
- Injektéiert Fremanezumab net an e Beräich, deen empfindlech, rout, waarm, verhäert oder tätowéiert ass, oder a blo Plazen, Narben oder Schwangerschaftssträifen.

## Schrëtt 5:

### Huelt d'Schutzkëppchen ewech a leet se op d'Säit.

- Zéit d'Schutzkëppche riicht of. Net dréien.
- Setzt d'Schutzkëppchen net nees op d'Fäerdegsprëtz, fir Verletzungen an Infektiounen ze vermeiden.
- Beréiert den Nolschutzberäich net.




## Schrëtt 6:

**A.** Setzt d'Fäerdegsprëtz an engem 90 Grad-Wénkel op d'Haut op.

**B.** Dréckt d'Fäerdegsprëtz no ënnen, fir se ze aktivéieren; et gëtt kee Knäppchen. Dir héiert e **KLICK**. De bloe Kolbe beweegt sech duerch d'Fënster no ënnen.

**C.** Haalt d'Fäerdegsprëtz ongeféier **15 Sekonnen** op Är Haut gedréckt, bis Dir en zweete **KLICK** héiert.


**D.** Waart elo nach **10 Sekonnen**, éier Dir d'Fäerdegsprëtz vun der Haut ewechzitt.




## Schrëtt 7:

### Zitt d'Sprëtz aus der Haut eraus.

Iwwerpréift, ob de bloe Kolben d'Siichtfënster ausfëllt. Dir kënnt elo de groe Stopp gesinn.
Zitt d'Fäerdegsprëtz riicht vun der Haut ewech. Wann Dir d'Fäerdegsprëtz aus der Haut zitt, kéiert den Nolschutz a seng ursprénglech Positioun zeréck a verrigelt sech, a bedeckt esou d'Nol. Setzt d'Schutzkëppchen **nimools erëm** op d'Fäerdegsprëtz zeréck, fir Verletzungen an Infektiounen ze vermeiden.




## Schrëtt 8:

Dréckt mat engem propperen, dréchene Wattebällchen oder enger Kompress e puer Sekonne laang virsiichteg op d'Injektiounsplaz. Reift net un der Injektiounsplaz a benotzt d'Fäerdegsprëtz net nach eng Kéier.

## Schrëtt 9:

### Entsuergt d'Fäerdegsprëtz.

- Geheit Är gebraucht Fäerdegsprëtz nom Gebrauch an en Nolebehälter.
- Entsuergt gebraucht Fäerdegsprëtzen net an der Dreckskëscht.
- Benotzt Behältere fir schaarf Offäll nom Gebrauch net erneit.
- Wann Är Dosis 675 mg bedréit, widderhuelt d'Schrëtt 2 bis 9 mat der zweeter an drëtter Fremanezumab-Fäerdegsprëtz, fir déi gesamt Dosis anzesprëtzen.
- Frot Ären Dokter, Apdikter oder d'medezinescht Fachpersonal, wéi de Behälter ze entsuergen ass.

**Umierkung:**

An der Packungsbäilag fannt Dir vollstänneg Instruktioune fir d'Aginn vun der Injektioun mat Fremanezumab.

Ce matériel est purement informatif et ne doit être remis par un médecin à un patient qu'après qu'il a été décidé que le patient recevrait ce traitement.

AJO-BE-00216/TevaPharmaBelgium Date of Approval: February 2026